PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 15/07/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.

Wärend dem Confinement konnten Eltere vun engem Congé pour raisons familiales Covid-19 profitéieren, fir esou op hier Kanner opzepassen. Dëse Congé leeft de 15te Juli 2020, mat der Reouverture vun de Crèchen, aus.

Elo ass et awer esou, datt vill Crèchen Integratiouns– an Adaptatiounswochen organiséieren. Dat heescht konkret, datt d'Kanner nëmmen e puer Stonne betreit kënne ginn an deemno wéi eréischt Schluss Juli bis Ufank August hir Kanner kënnen an d'Crèche schécken.

Vill Eltere befannen sech deemno an enger Zwéckmillchen, well si net méi vum viru genannte Congé profitéiere kënne wärend d'Betreiung fir d'Kanner net dee ganzen Dag iwwer assuréiert ginn. D'Employéeë sinn also eleng op de gudde Wëll vun hirem Patron ugewisen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Besëtzt de Bildungsminister Kenntnis vun dëser Situatioun a wäert hien dësen Elteren entgéint kommen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député